Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher

# Eng Versammlung am Däischteren

**Kontext :** Et wäert wuel nach eng Zäit daueren, bis mer rëm mat eisem Ruddel op ee Weekend mat Iwwernuechtung kënne goën. Dat soll awer net heeschen, dass ee Nuetsspill oder soss eng Aktivitéit am Däitschteren net méiglech ass.

Am  Wanter, wann et Owes méi fréi Däischter gëtt, geet et oft schon duer wann een seng Versammlung ëm e puer Stonnen no hanne verréckelt. De Rendez-vous kann een dann och direkt beim Bësch maachen. Dat alleng geet schon duer, dass d'Versammlung fir de Wëllefchen mat Sëcherheet eppes extraes ass. Esou komme mer an de Genoss vun enger Aktivitéit am Däischteren a sinn trotzdem zur Zäit rëm doheem.

Deen een oder aner Wëllefchen ass bëstëmmt frou, wann een e Wee / eng Plaz besicht, deen e schon am Helle gesinn huet. Dat mëcht d'Entdeckung vun der Plaz/dem Bësch och ganz intressant..

Flott ass et, wann een esou eng "extra" Versammlung ë bësse méi feierlech ofschléisst: mat engem speziellen Danz, enger Schneek an e puer Lidder beim Laagerfeier oder einfach mat enger Taass Téi oder Schocky, fir sech rëm opzewiermen.

Hei sinn méiglech Ideen, wou dir ierch drun inspiréieren an ierch verschidden Aktivitéiten erauswiele kënnt.

Stellt Är Versammlung esou zesummen, wéi et fir iech an äre Ruddel passt.

| | |
|---|---|
| De Kierper | • **Geländespiller mat der Täscheluucht:**<br>Bei dësem Spill übe mir eis Reflexer. D'Kanner kréien een Tesasträifen op de Réck a gi sech verstoppen. Op een Zeechen solle si no anere Kanner sichen. Wann si der fannen an op manner wéi 3 Meter uliichten, gëtt dat Kand, wat ugeliicht ass, deem aneren säin Tesasträifen. Bei Gläichstand maache mer Klick-klack-kluck. Kanner déi den Tesa tauschen dierfen net ugeliicht ginn.<br><br>N.B.: et ass natierlech intressant bei dësem Spill seng Täscheluucht sou vill wéi méiglech auszeloossen fir net fonnt ze ginn 😊.<br><br>**Variant**: Spiller mat der Täscheluucht ginn et a ganz villen Zorten, vum normale Verstoppes iwwert den 1-2-3-Piano... |

Lëtzebuerger Guiden a Scouten
Branche Wëllefcher & Programmekipp
5, rue Munchen-Tesch | L-2173 Lëtzebuerg
wellefcher@lgs.lu | wellefcher.lgs.lu | Facebook : LGS – Wellefcher - Chef

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG

De Geescht

- **Photo—Klick am Däischteren:**

D'Kanner kréien divers Dages-Photoen vun enger Plaz / engem spezielle Bam / engem Stéck Wee gewisen, kucken sech d'Photo sou genau wéi méiglech un a probéiren a klenge Gruppen oder eenzel d'Plaz erëmfannen. Sie stellen sech op déi Plaz wou de Photograf gestan sollt hunn. Duerno gëtt opgeléist.

**Variant:** Jee no Plaz, deemno wéi einfach dës Aufgab ass kann een d'Photoën zum Beispill wéi bei engem Puzzle an e puer Stécker zerschneiden an all Kand ee Stéck ginn. D'Kanner kënnen déi eenzel Puzzlestécker ënnertenee kucken, mee sollen net onbedingt direkt de Puzzle léisen.


- **Morsecode mat der Täscheluucht:**

Amplaz vun enger ganz normaler Geheimschrëft léisst sech e Morsecode ganz gutt mat der Täscheluucht duerstellen. Ee Morseschlëssel fënns du an der Annexe.

- **Zesummen Stärebiller sichen oder entdecken:**

Wann den Himmel et erlaabt ass et immens flott, sech Zäit ze huelen an den Himmel ze entdecken. Wéi eng Stäerebiller kennen ech? Wéi eng fannen ech rëm? Wann een als Chef heiran net sou fit ass, kann een sech duerch Photoen als Anschauungsmaterial oder eng App um Smartphone hëllefe loossen an den Himmel ganz einfach mat de Kanner zesummen entdecken.

**Variant**: d'Stärebiller déi een um Himmel fënnt kënne mat spezieller Neon-Kräid, déi liicht, op de Buedem gemoolt ginn.



- **Eng Geräichkaart am Däischteren**

Dëst Spill kann een zu all Moment am Bësch spillen, et eegent sech awer extra gutt am Däischteren. D'Kanner kréien ee klengt Blat a sichen sech eenzel eng Plaz am Bësch wou se sech huppen / sëtzen. Sie maachen ee Kräiz an d'Mëtt vum Pabeier : dat weist, wou sie grad stinn. Et geet elo drëms fir e puer Minutten roueg ze sinn, ze lauschteren wat (a wou) een eppes héiert an dëst op de Pabeier ze molen /schreiwen. Duerno gëtt mat de Kanner zesumme gekuckt, wat een alles héiren huet.

| | |
|---|---|
| Dat Soziaalt | • **Vertrauens- a Koordinatiounsspiller am Däischteren:**<br>Ganz vill Vertrauensspiller si nach méi flott wann et rondrëm een Däischter a roueg ass. Et kann zum Beispill ee Wëllefchen d'Aan zou maachen. Hie gëtt vun engem anere Kand e klengt Stéck Wee duerch de Bësch gefouert (engem Geräisch nogoen, Direktioun uginn...). Duerno gëtt gewiesselt.<br><br>Et ass och ganz intressant, de Kanner a klenge Gruppen eng Aufgab ze ginn, wou vill Koordinatioun gefrot ass.<br><br>Zum Beispill: een Tuerm aus Fixspéin bauen, een Zelt opriichten, Steng der Gréisst no zortéieren, eng Figur aus Lego bauen, … D'Kanner solle probéiren d'Aufgab ouni Täscheluucht an ouni ze schwätzen ze léisen. |
| D' Gefiller | • **Perséinleche Bilan vum Dag / e Stéck Wee alleng virugoen:**<br>Et ass fir vill Kanner eng ganz nei Erfarung, wann si alleng oder zu zwee a ganz roueg e Stéck Wee am Däischteren ofginn. Et kann een de Kanner och eng kleng Aufgab matginn: spier, wéi et der haut gaang ass? Wéi fills du dech elo? Wéi vill Minutten mengs du dass de ënnerwee bass? …<br><br>Duerno kann een sech kuerz heiriwwer austauschen. |

Dat Spirituellt

- **E Käerzewee ofgoen mat Aufgaben um Wee:**

D'Kanner ginn zu 2-3 e Stéck Wee alleng. Sie ginn duerch d'Liicht vu Käerze geleet.


**Variant:** Bei vill Wand oder fir ofzewiesselen kann een och hei mat Neon-Kräid de Wee markéieren.

Ënnerwee kann ee verschidden Aufgaben prett leeën:


- en Zitat iwwert dat ee nodenke soll. Beispiller fënns du hei: Die besten Zitate und Sprüche über Dunkelheit | myZitate
- D'Kanner kënnen op enger Plaz eppes opschreiwen: zum Beispill ee spezielle Wonsch, wat si grad besuergt, wat fir si Däischtert bedeit, …
- mat Steng / Seeler / Kneckliichter / Kräid / soss Material kann eppes geluecht, gemoolt oder gebaut ginn. All Kand wat passéiert leet eppes derbäi. Zum Schluss vun der Aktivitéit gi mer nach emol zesumme kucken wat entstan ass…

- **E Labyrinth mat Käerzen oder Kräid ofgoen.**

Mat liichtender Kräid oder Käerzen kann ee Labyrinth vun de Chefs gebaut ginn (am beschten sinn déi ronn Labyrinther, wou ee vu baussen an d'Mëtt geet a wou een sech net verlafe kann). D'Kanner sollen eenzel a ganz a Rou de Wee ofgoen a gi vun enger relaxer Musek begleet. Och hei kann een de Kanner eppes fir nozedenken mat op de Wee ginn.



## Annexe 1 – Morseschlëssel




| | | | |
|---|---|---|---|
| A •▬ | J •▬▬▬ | S ••• | 2 ••▬▬▬ |
| B ▬••• | K ▬•▬ | T ▬ | 3 •••▬▬ |
| C ▬•▬• | L •▬•• | U ••▬ | 4 ••••▬ |
| D ▬•• | M ▬▬ | V •••▬ | 5 ••••• |
| E • | N ▬• | W •▬▬ | 6 ••••▬ |
| F ••▬• | O ▬▬▬ | X ▬••▬ | 7 ▬▬••• |
| G ▬▬• | P •▬▬• | Y ▬•▬▬ | 8 ▬▬▬•• |
| H •••• | Q ▬▬•▬ | Z ▬▬•• | 9 ▬▬▬▬• |
| I •• | R •▬• | 1 •▬▬▬▬ | 0 ▬▬▬▬▬ |

E grousse Merci un eis Sponsoren
lalux
VOYAGES VANDIVINIT Reesen mat Stil
BIL 1856 BANQUE INTERNATIONALE À LUXEMBOURG